PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 DEC. 2018
119

Lëtzebuerg, den 21/12/2018

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Ëffentlechen Déngscht, Energie & Kultur weiderzeleeden.**

Reegelméisseg falen op Ministèrë Personalchangementer un. Heiansdo treffen esou Wiessele bei der Ëffentlechkeet duerch kloer an transparent Prozeduren ob Zoustëmmung, heiansdo léisen se guer keng Resonanz aus an heiansdo ginn se vun der Bevëlkerung virun allem negativ bewäert, well ontransparent Kritäre bei der Attributioun vun de Posten d'Léit gleewe loossen, datt aner Aspekter ewéi d'Kompetenze vun de Kandidaten um Enn bei der Verdeelung vun den Aarbechtsplazen ausschlaggebend waren. Och am Moment ginn et erëm eng Rei Changementer an de lëtzebuergesche Ministèren. Esou soll z.B. eng fréier Staatssekretärin wäerte bei den Ausseministère wiesselen, fir do d'Nationbranding-Strategie ze begleeden, e fréiere KeP-Koordinateur soll an de Kulturministère nominéiert ginn an e fréiere Porte-parole vum Nohaltegkeetsministère soll 1er Conseiller de Gouvernement am neien Energieministère ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Kennen d'Häre Ministeren an d'Madamm Ministesch des Personalchangementer bestätegen?
- Gouf et fir dës Posten eng oppen Ausschreiwung? Wa jo, vu wéini bis wéini an op wéi enge Kanäl? Wann nee, firwat net?
- A wéi enger Carrière an ënnert wéi engem Statut kann een als Persoun bei de lëtzebuergesche Ministèren agestallt ginn? Wéi eng Kompetenze soll ee matbréngen, wann een e Posten an enger héijer Carrière bei engem Ministère ustrieft?
- Wéi gëtt an de Ministèrë séchergestallt, dass Persoune keen Zougang zu Carrièren hunn, zu deenen hier Diplomer se net ermächtegen? Wéi oft ass et hei schonns zu Ausnamen komm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 24 décembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 119 du 21.12.2018 de Monsieur le Député Sven Clement - Nomination de 3 conseillers de Gouvernement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés